ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 SEP. 2015
1424

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. September 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Kultur weiderzeleeden.

An der Stad gesäit een dëser Deeg Plakater a Pechbiller mat der Opschréft „Lëtzebuerg, du hannerhältegt Stéck Schäiss". Enner dem Titel soll en „Informatiounsspektakel" opgezu ginn.

Op dem Plakat steet awer och, datt de Kulturministère déi Manifestatioun iergendwéi ënnerstëtzt, jiddefalls ass mol de Logo vun dem Ministère op dem Plakat. Doweinst wollt ech der Madame Minister fir Kultur dës Froe stellen:

1. Weess d'Madame Minister, datt de Logo vum Kulturministère op engem Plakat ze gesinn ass, dat den méi wäit uewen zitéierten Titel huet?
2. Ass et richteg, datt de Kulturministère den „Informatiounsspektakel" ënnerstëtzt? Wa jo, a wéi enger Form? Sollt de Spektakel finanziell ënnerstëtzt ginn, wéi vill bezilt de Ministère dofir?
3. Wa jo, firwat fënnt de Kulturministère, datt den Informatiounsspektakel muss speziell gefördert ginn?
4. Fir de Fall, wou de Gebrauch vum Logo en Abus wär, envisagéiert de Ministère juristesch Schrëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten